

„A visage découvert – L'image de l'homme dans l'Art actuel“

28.1.2016 @ MediArt

Ech soll eppes um Vernissage vun dëser Expo soen, krut ech gesot. Nee, besser: proposéiert.

Ech? War d'Äntwert!

Ech si jo awer net Konschthistoriker, och net Konschkritiker a bäi Wäitem net genuch Konschtkenner. Och wa mer d'Nimm an d'Wierker vun de Kënschtler heibannen e Begrëff sinn.

Ech kenne Konscht. Jo! Sot ech, sou wéi ech se entdecken a spieren an erliewen a mech inspiréiere loossen.

Neen, et wier keng Presentatioun vun der Konscht oder de Kënschtler, déi ausgestellt ginn, mä vum Thema vun der Expo „A visage découvert – l'image de l'homme dans l'Art actuel“.

An et soll eng perséinlech Reflexioun sinn.

Eng Reflexioun iwver de Mënsch.

Gutt: Mënsch sinn ech. Déi Konditioun ass erfëllt.

Och de Mënsch entdecken ech a spieren ech an erliewen ech an ech ka mech gär vun em inspiréiere loossen.

Mä iwver de Mënsch nodenken ass grad elo alles anescht wéi eng einfach Aufgab. Ob am Liewen oder an der Konscht. Sou vill Gedanken an Ängscht a Gefiller beherrschen eis den Ament. Grad dofir musse mer eis och mat him ausenanersetzen.

Sou schreift déi schottesch Autorin a Stand-Up-Comedian A.L. Kennedy an engem Essai an der „Zeit“, an deem se sech och mam Thema Flüchtlingen ausenanersetzt:

„Offenbar versagt auf allen Seiten die Vorstellungskraft. Und wenn sie versagt, lässt sie uns alle im Stich. Was sollen wir Künstler jetzt tun? Denn natürlich müssen wir irgendwie reagieren – wie müssen die Wächter der Fantasie, des Denkens und Nachdenkens, der Kultur sein. Was haben wir falsch gemacht? Was haben wir vergessen? Was können wir besser machen?“

Wahre Kunst ist kein Luxus, sondern fundamentale Verteidigung der Menschheit. Wir sind anscheinend dazu verdammt, diese Wahrheit zu vergessen, neu zu lernen und wieder zu vergessen.“

De Kënschtler als Verteideger vun der Mënschheet. Well wa mir Mënschen eis näischt méi virstelle kënnen, versoe mer a veraarme mer. Eng grouss Aufgab an Erausforderung fir d'Kultur a fir d'Konscht. Also heescht dat och, datt mer de Mënsch an de Mëttelpunkt vun eisem Denken a Schafe setzen.

Wat näischt dermat ze dinn huet, datt de Mënsch de Mëttelpunkt vun der Welt ass. Och wann e sech dacks gär als dat gesäit. An net agesäit, wat et nach alles gëtt vu Schéinem a Wichtigelem. An datt dat em net eleng gehéiert! Mä d'Spill mat der Muecht ass jo esou lackeleg a leider och sou mäerderesch.

All dës Gedanken an Ängscht a Gefiller mussen ugepaakt ginn. Ëmmer och an der Konscht, do, wou se visualiséiert a gewise kënnen ginn. Sou gouf et jo och schonn ëmmer gemaach. An alle Genren a Joerhonnerten. Et féiert wäit, elo all Epochen a Richtungen opzezielen. Deemno bleiwe mer just kuerz an de leschten honnert Joer.

Iergendeemol war de Mënsch aus dem realistesch Figurativem eraus a gouf Abstrakt, sou wéi d'Konscht, déi hie sou konzipéiert huet. War de Mënsch dofir aus der Konscht verschwonnen, net méi präsent? Bestëmmt net, och dat Abstrakt ass e kreativen a mënschlechen Akt. A weist ganz gutt dat Metaphysescht, dat Mystesch, dat Ënnerlecht, dat Gedanklecht, dat Emotionaalt. Abstrakt an awer konkret.

Och dat alles ass de Mënsch.

Also e war ëmmer iergendwéi present. Wann net optesch ze gesinn, dann ugedeit!

Sou präsent wéi haut war de Mënsch awer nach ni. Net just an der Molerei oder der Skulptur oder der Fotografie. Mä einfach iwverall, vrun allem an de moderne Strukturen a Medien. Dat ass scho bal Exhibitionismus, dee mer eis do leeschten. Dees physeschen an dees mentalen.

Mir weisen eis, mir knipsen eis, mir posten eis, mir sharen eis, mir selfien eis.

An heiansdo erféiere mer, wat mer da gesi vun eis.

Oder stellen eis Froen:

Hate mer eis eis sou virgestallt? Si mer dat iwverhaapt? Wa mer eis eng éischte Kéier op engem Schierm gesinn oder op enger Opnam héieren, da geet se lass, déi existenziell Fro: Dat sinn dach net ech! Ginn ech esou gesinn, esou gehéiert? Wie sinn ech dann iwverhaapt? Et ass eng éiweg Sich no der eegener Identitéit. En Däiwelskrees: Optesch iwverall ze gesinn an ze fannen an ënnerlech verluer an onsécher.

Dofir muss ee sech da scho kenneléieren. Vu bannen a vu baussen. Eréischt da kënnen mer dat richtege Gesiicht weisen.

Mä wat ass dat richtege Gesiicht? Eng Fro mat gläich zwou Bedeitungen. Säi richtege Gesiicht weisen, heescht jo: och dat weisen, wat ee soss mat Bedacht verstoppt. Déi net sou schéi Säite vum Charakter.

A wéi ass et bei der plastescher Bedeitung vum richtege Gesiicht: Si mer do iwverhaapt nach éierlech genuch mat eis selwer a mat deenen aneren?

Wien duerf eigentlech nach säi Gesiicht weisen? Zu Roum hu se vrun 2 Deeg de Statue Gesiicht a Kierper zougehaangen, fir dem neien Alliéierten aus dem Iran näischt zouzemudden, wat e kéint a sengem Weltbild verletzen. Ech erënnere mech u faarweg Fraestatue vrun 20 Joer, déi och sou e Schleier zu Lëtzebuerg ëmgehaange kruten. Fir keng Sensibilitäten ze blesséieren.

Dat si Skulpturen a Statuen, jo, mä am richtege Liewen ass et net anescht. Frae kréie Schleieren ëmgehaangen, Burkaen, déi wéi Käfeger aus Stoff ausgesinn. Maachen se et fräiwëlleg? Well et esou an hirem Kulturkrees ass? Oder kënnen se

sech duerch hir Bedeckung och bedeckt halen? Net nëmmen äusserlech, mä och mat hirer Meenung? Ass et vläicht souguer Schutz? Mä Schutz vru wat a vru wiem? Vrum Usproch, der Ënnerdréckung, dem Machismus? Oder der friemer Gesellschaft, an déi se kommen, an an där alles oppen ze sinn huet, riicht eraus, éierlech mam Bléck, A an A, ouni Schal oder Tschador.

Sou wéi et bei eis ass an ze sinn huet!

Mä si mir dann an eisem Kulturkrees och éierlech mat EISEM richtege Gesiicht?

Weise mer, wie mer sinn a wat mer sinn? Oder verdecke mer net och?

Kleng Falen hei, grouss Reefer do. Blose mer net och dat éierlecht Gesiicht op? A botoxen hei a liften do? Verstoppen och, wat mer net wëlle weisen. A setzen eis gär sou an Evidenz, wéi mer wëlle gesi ginn. Vu bannen a vu baussen.

Eis Gesellschaft huet sech sou vill op den EGO getrimmt. Ech si wichteg: meng Gefiller, meng Gedanken, meng Meenungen, meng Erfahrungen, meng Decisiounen!

An elo op eemol léiere mer nees e Wuert kennen, dat net sexy genuch war an awer ëmmer eis „Condition humaine“ ausgemaach huet an natierlech och nach ëmmer mécht: Empathie. Sech an deen aneren erafillen, e verstoen an e respektéieren. Sou eng wichteg mënschlech Komponent.

Sou vill hunn der se verluer, vergiess, verdrängt oder verdrängt kritt! Wéi anescht kann e Mënsch soss dat passéiere loossen, wat mer den Ament erliewen: Terror, Krich, Angscht, Grausamkeeten, Gewalt, Ënnerdréckung, Haass ...?

An déi Empathie gehéiert net just an den Alldag, mä natierlech och an d'Konscht, do, wou se schonn ëmmer war. Dat kann op all Manéier sinn: an der Molerei, der Skulptur, der Literatur etc. Awer och an den extreme Forme wéi der Karikatur oder der Satire. Jo, och do!

Oder hei an dëse Wierker. Kuckt Iech de Mënsch un, begéint en hei an dëser Expo, erlieft en duerch d'Ae vum Kënschtler, duerch seng Empathie. Et ass de Mënsch vun haut an de Mënsch vun ëmmer. A senge Rollen, sengen Emotiounen, senge Materialien, sengem Schafen, sengem Denken.

Expressionistesches, impressionistesches, absurd, kontemplativ, figurativ, abstrakt, gemoolt, skulptéiert, gehummert, gezammelt, gepecht, geknipst oder wéi och ëmmer!

Haaptsaach mënschlech: de Mënsch, och an der Konscht!